PIRATEN
Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
28 DEC. 2018
140

Lëtzebuerg, den 27/12/2018

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.**

Wéi déi Schwäizer Online-Plattform watson.ch mellt, dierf d'Basler Police, déi, genee wéi hir Lëtzebuerger Homologen Tesla-Autoen ugeschaaft huet, dës aus Dateschutzgrënn net benotzen. Ënnert anerem monéieren d'Dateschutzautoritéiten, datt Tesla zu all Zäitpunkt weess wou d'Autoen sech befannen an datt domadder de Geheimnisschutz bei der Police ausser Kraaft gesat wier. Des Weidere soll Tesla seng Autoen och aus der Distanz updaten oder ofschalte kënnen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

- Gouf zu Lëtzebuerg eng Analys iwwert den Impakt vun den Tesla-Autoen op den Daten- a Geheimnisschutz bei der Police gemaacht?
- Kann den Här Minister confirméieren, datt keng Date vun Asätz op amerikanesch Servere weidergeleet ginn?
- Am Fall wou Positiounsdaten awer sollte weidergeleet ginn, goufen déi concernéiert Polizisten doriwwer opgekläert? Gëtt et e Kontrakt mat Tesla fir dës Date méi sécher ze behandelen?
- Kann de Minister confirméieren, datt Tesla d'Autoen net aus der Distanz ofschalte kéint? Falls nee, wéi eng Virkéierunge goufe getraff, fir datt d'Policeaarbecht net duerch Tesla-Mataarbechter beaflosst gëtt?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Députė

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 28 décembre 2018

Objet : Question parlementaire n° 140 du 27.12.2018 de Monsieur le Député Sven Clement - Protection des données des voitures Tesla

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Henri Kox
Vice-Président de la Chambre des Députés